# Visitt am Pompjeesmusée

## Den amerikaneschen Ambassadeur op Besuch zu Wolz




**Wolz.** Ufanks Mee war héische Besuch am Pompjeesmusée vum Pompjeesverband. Den amerikaneschen Ambassadeur hei zu Lëtzebuerg, den Tom Barrett, war mat senge Mataarbechter aus der Ambassade, dem Craig Ferguson an dem Christine Lugrene am Pompjeesmusée op Visitt. Nodeems d'Gäscht eng Féierung duerch de Musée mat villen Erklärunge kritt haten, koum ee wichtegen Deel fir d'Ekipp vum Pompjeesmusée. Den Tom Barrett, dee viru senger Nominatioun als Ambassadeur zu Lëtzebuerg, Buergermeeschter vu Milwaukee am Staat Wisconsin war, huet dem Pompjeesmusée eng Bunkeruniform vun de Pompjeeë vu Milwaukee geschenkt. Ee flotte Geste fir d'Frëndschaft ënnert Pompjeeën och um internationalen Niveau ze gestalten. Eng zweet Uniform (Dress-Uniform) wäert an de nächste Wochen de Pompjeesmusée beräicheren. Zum Ofschloss huet de Präsident vun de Frënn vum Pompjeesmusée an der Géitz, de Patrick Juncker, dem Tom Barrett dat flott an eemolegt Buch iwwert Pompjeeën hei zu Lëtzebuerg als Merci iwwerreecht. Eng Visitt déi ni vergiess wäert ginn.

*Patrick Juncker*
*via mywort*